



Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°6982 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement zum Sujet "Centrales téléphoniques 112 et 113"

Froen 1 an 2

Säit Ufank des Joers hunn 2 Persounen d'Noutruffzentral 112 verlooss. Dësweideren huet 1 weider Persoun wësse geden, dass en se wéilt verloossen.

Fro 3

De CGDIS ass en autonomen Etablissement public, virun allem am Beräich vum Personal. Aus deem Grond ass d'Inneministesch och net an déi intern Relatiounen, a scho guer net an intern Reuniounen, vum CGDIS involvéiert.

Well de CGDIS nach an enger Opbauphas ass, gesäit de Plan national d'organisation des secours (PNOS) generell weider Rekrutementer vir, dëst fir souwuel d'Asazcenteren, wéi och den 112 mat deem Personal ze besetzen, wat néideg ass, fir d'Ziler vum PNOS z'erreechen.

Fro 4

Esou wéi ech vum CGDIS matgedeelt kritt hunn, hu sech bei der leschter interner Ausschreiwung 4 Persoune gemellt.

Fro 5


Esou wéi ech vum CGDIS matgedeelt kritt hunn, keen.

Fro 6


Jo.

Fro 7

Moyenne 2021: 07:538 Sekonnen



Moyenne 2022: 08:044 Sekonnen



Ze präziséieren ass awer, dass den Délai de décroché just e klengen Deel vum Délai de diffusion de l’alerte ass, d.h. där Zäit, déi vun deem Moment u vergeet, wou en Noutruff um 112 erakënnt an deem Moment, wou den Operateur den Noutruff traitéiert huet an d’Rettungsdéngschter alarméiert huet.

Den Délai de diffusion de l’alerte war 2021 an der Moyenne 02:54 Minutten a konnt 2022 op 02:48 Minutte reduzéiert ginn. Säit dem Bestoe vum CGDIS den 1. Juli 2018 ass dësen Délai ëm ronn 1 Minutt erofgaangen (03:46 (2017) op 02:48 (2022)), dëst virun allem duerch d’Efforte vun den Operateure vum 112.

D’Erofsetze vum Délai de diffusion ass och eent vun den Haaptziler vum PNOS, dee seet, dass de CGDIS bis 2025 iwwerall am Land a manner wéi 15 Minutte intervenéiert.

Fro 8

Am Kader vun der Ëmsetzung vum PNOS ass virgesinn, dass de CGDIS, d.h. all seng Direktiounen a Servicer, dee sech als “Organisation apprenante” gesäit, bestreift ass, fir sech permanent weider z’entwéckelen an ze verbesseren. Dëst gëllt natierlech och fir d’Noutruffzentral.

Lëtzebuerg, de 14/11/2022.
 D’Inneministesche
 (s.) Taina Bofferding